ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Post huet eng zolidd Hausse vun hire Bréiftariffer annoncéiert, déi zweet no Dezember 2015. Dës Hausse, déi esouwuel d'Bréiwer wéi och den ATR-Zerwiss betrëfft, läit bei ronn 14 Prozent. Si kënnt e puer Wochen no der substantieller Hausse bei der Autoskontroll a betrëfft nees eng Entreprise, wou de Staat matzeschwätzen huet. Dofir wëll ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

1. Rechtfäerdegt sech eng Hausse vun de Posttariffer, déi wäit iwwer der Entwécklung vum Index läit?
2. Fënnt den Här Minister dës Hausse berechtegt, wann ee bedenkt, datt d'Post hiren Zerwiss bei der Bréifpost ëmmer méi kleng mécht (Samschdes gi keng Boîte méi opgehuewen) an datt si fir ze rationaliséiere Büroen uechtert d'Land zoumécht?
3. Wéi probéiert de Staat, bei Betriber, wou hie matzeschwätzen huet, op d'Präisser vun ëffentlechen Déngschtleeschtungen anzewierken?
4. Sinn Präishaussen op Déngschtleeschtungen, déi all Mënsch brauch, an Zäiten, wou de Risiko vun der Aarmut klëmmt, net besonnesch kriddeleg?
5. Ass de Minister d'accord, fir ze soen, datt bei ëffentlechen Déngschtleeschtungen aner Kritäre musse gëllen, wéi bei private Banken, déi och d'Tariffer vun hiren Déngschtleeschtungen héijen?
6. Hat de staatleche Vertrieder an den zoustännege Gremie vun der Post Instruktioune fir dës Präiserhéijung matzedroen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique